Här Jean-Pierre ECKER
Gemengeconseiller

16, chemin de Brouck

L-4808 RODANGE

Referenz :2024.62093.SECR

Péiteng, den 26. Juli 2024

**Betreff: Är Froe vum 26. Juni 2024**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Christophe Ferreira - Tel. : 50 12 51 –3053)

Här Jean-Pierre Ecker,

An Ärem Bréif vum 26. Juni 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Den 1te Juli 2024 soll den éischte Parking fir Camionnetten an zu Rodange an der rue Jos Moscardo opgoen. E weidere Parking ass vis-à- vis vum Kierfecht direkt bei der Péitenger Gare geplangt.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Wei vill Emplacementer fir Camionnettë sinn zu Rodange insgesamt verfügbar?*

*2. Kann eng Firma méi wéi een Emplacement ufroen? Wat wär hei de Maximum, déi eng Firma kéint un Emplacementer kréien?*

*3. Geet de Präis pro Emplacement erop, esou wéi et bei der Vignette residentiell de Fall ass?*

*4. De Bicherbus huet bis elo de Parking an der rue Jos Moscardo genotzt. Bléift déi Méiglechkeet weiderhi bestoen?*

*Mat Respekt,*

*Jean-Pierre Ecker*

*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. De Parking an der rue Jos Moscardo zu Rodange huet insgesamt 46 Parkplazen déi exklusiv fir Camionnettë reservéiert sinn. Des Weidere kënne Camionnetten och op de Parkingen “Am Doihl” an “A la Frontière” zu Rodange stationéiert ginn, allerdings sinn déi net exklusiv fir Camionnette reservéiert.

2. Firmae selwer kënne keng Demande stellen, just den Utilisateur vun der Camionnette mat der Konditioun dass dee säi Wunnsëtz bei eis an der Gemeng huet.

3. Nee de Präis bleift bestoen, et ass net ze vergläiche mat der Vignette résidentielle.

4. Nee des Méiglechkeet bleift net bestoe well et sech jo elo ëm ee Parking fir Camionnetten handelt.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,